



Besuch vum klenge Wollef

2|3



Sonndes schläicht sech e klenge **Wollef** an d'Spillschoul.
 Et ass keen do. Hie schnoffelt un de klengen Autoen.
 Hie schnoffelt u rouden, bloen a giele Glaspärelen.
 Hie schnoffelt un enger Geess aus Holz an denkt sech «Hei wëll ech bleiwen!»

4|5



Op eemol entdeckt hien en Tuerm aus Baukasten.
 Hie klëmmt drop awer ... bumps!
 Den Tuerm fält zesummen an de klenge **Wollef** trëllt op de Buedem.
 Hie kruebelt an eng waarm Schlapp a schléift an.

6|7



E Méinden de Moie gëtt de klenge **Wollef** vun haarde
 Kannerstëmmen erwächt. Séier verstoppt hien sech ënnert
 engem Schaf. Hie gesäit Kannerschlappen déi laanscht
 trëppelen an och déi grouss blo Turnsclappe vun der Madame Sonja.

8|9



De klenge **Wollef** héiert d'Kanner laachen.
 Hie luusst virsiichteg ënnert dem Schaf eraus.
 D'Kanner maache Musek. Si hopsen an tanzen
 a sangen dobäi e Lidd vun der Geess.

10|11



An der Nuecht sinn all d'Kanner verschwonnen.
 De klenge **Wollef** klëmmt op en Dësch.
 Hien hält Pabeier an e Pinsel a fänkt u mat Molen.
 Lues séngt hien d'Lidd vun der Geess, dat him sou gutt gefällt.

12|13



En Dëschde rullt e Rouleau Pechpabeier ënnert de Schaf
 bei de klenge **Wollef**. Séier schubst hien de Rouleau zréck.
 Do gesäit hien, wéi d'Kanner grouss Béi gewellte
 Kartong ronderëm zwee Dëscher spanen. Si bauen e Schëff.

1|2|3

14|15



An der Nuecht probéiert de klenge **Wollef** e Puzzle zesummenzesetzen. A wat richt dann do sou gutt?

16|17



E Mëttwoch héiert de klenge **Wollef** d'Madame Sonja sech opreegen: «Wien huet vum Gebuertsdagskuch genaschelt?» Awer dann dekoréiert si de Kuch mat neien Zockerblummen. D'Kanner molen a schreiwe Wënsch op Pabeierfändelcher. Déi stieche si an de Kuch a sangen dem Anna e Gebuertsdagslidd.

18|19



«Dës Nuecht probéieren ech och ze schreiwen», denkt de klenge **Wollef** a sicht no Faarfstëfter. Hie schreift a moolt bis moies. Et ass Donneschden. D'Kanner komme mat vill Kaméidi an d'Spillschoul gerannt.

20|21



Mat engem Saz spréngt de klenge **Wollef** an en hallef oppenen Tirang. An deem Moment kënnt d'Madame Sonja. Si grommelt: «D'Kanner misste méi uerdentlech sinn!» a mécht den Tirang zou. «Au!» De klenge **Wollef** huet seng Patt ageklemmt.

22|23



Zum Gléck kritt hien seng Patt erëm eraus gezunn a kann d'Nues e bëssen zum Tirang erausstrecken. Hie gesäit, wéi eng kleng Hex den Dësch deckt. En Zauberer schneit Muerten. Zweek Kanner streide sech ëm eng Wollefsmask. Dat fënnt de klenge **Wollef** witzeg.

1|2|3

24|25



An der Nuecht setzt de klenge **Wollef** d'Schinne vun der
hëlzener Eisebunn zesummen a léisst d'Zich fueren.
Hie baut en Tuerm, eng Gare an e Stall fir d'Geess.

26|27



E Freide spëtzt de klenge **Wollef** d'Oueren, wéi d'Madame Sonja d'Mäerche
vum Rotkäppche verzielt. Dat Mäerche gefällt him besonnesch gudtt.
Awer vum Jeeër mat dem Gewier wëllt hien näischt héieren.
Hien hält sech mat béide Patten d'Oueren zou.

28|29



An der Nuecht hält de klenge **Wollef** all d'Billerbicher
aus dem Regal a kuckt sech se laang un, eent nom aneren.

30|31



«Firwat bleift et haut esou roueg?» wonnert sech de klenge **Wollef**.
Et ass Samschden. Op eemol fiert e grouse Biesem ënnert de Schaf
an zitt esou de klenge **Wollef** aus senger Stopp eraus. D'Botzfra rifft
«Oh, wéi léif, e klenge **Wollef**! Dee setzen ech an d'Poppekutsch!»

32|33



E Sonnden ass de klenge **Wollef** ongestéiert.
Hie kacht op der Poppekachmaschinn eng gutt Buschtawenzopp ...

34|35



... an invitéiert all Poppen, Stoffdéieren an déi hëlze Geess,
mat där hie besonnesch frou ass, op säi Festiessen.